Klimabonus

# Mouer a Wiss

## Prime fir Ökosystemleeschtungen vu Fiichtgebidder an aarteräiche Wisen

De Klimabonus Mouer a Wiss, eng Initiativ vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, ënnerstëtzt privat Proprietairen, déi geschützt Fiichtgebidder oder aarteräich Wisen op hirem Terrain hunn. Dëse Bonus soll d'Resilienz vun den Ökosystemer géintiwwer dem Klimawandel stäerken, andeems eng nohalteg Bewirtschaftung vun dëse wichtege Biotope gefërdert gëtt.

## Fir wien ass de Klimabonus geduecht?

All Privatpersoun, déi am Besëtz vun enger aarteräicher Wiss oder engem Fiichtgebitt ass, dat am oppene Biotop-Kadaster als geschützt klasséiert ass an an enger grénger Zon läit, kann dës Ënnerstëtzung ufroen – ënner der Bedingung, dass si sech fir zéng Joer dozou verflicht, de Biotop ze erhalen oder ze verbesseren. Fir erauszefannen, ob en Terrain en eligibele Biotop enthält, kann een dëst op geoportail.lu nokucken.

D'Héicht vun der Prime hänkt vun der Fläch of, déi eligibel ass, a gëtt all Joer vum Staat ausbezuelt:

150 €/ha/J fir déi éischt 0–25 ha
75 €/ha/J fir 25–50 ha
37,50 €/ha/J fir méi wéi 50 ha

Zousätzlech gëtt et en Zouschlag vu 25 bis 100 €/ha/J fir Flächen, déi an enger geschützter Zon leien.

Braucht dir Rotschléi oder Hëllef fir d'Bewirtschaftung oder d'Restauratioun vu Fiichtgebidder oder Wisen? Kontaktéiert d'biologesch Statioun an Ärer Regioun.

## Aarteräich Wisen bidden der Gesellschaft vill wichteg Virdeeler

- Buedemschutz
- Reguléierung vum Waasserhaushalt
- Schutz géint Buedemerosioun
- Erhale vun der Biodiversitéit an engem Erhuelungsraum – och fir den Ökotourismus
- Schafe vu Réckzuchsgebidder fir rar oder bedroten Aarten
- Opnam a Späichere vu Kuelestoff
- Sécherstellung an Ënnerstëtzung vun der ökologescher Vernetzung

## Prozedur fir d'Ufroe vun der Prime

D'Formulairen sinn op guichet.lu verfügbar. D'Ufro muss bei der Naturverwaltung (ANF) agereecht ginn. Bei Froe kënnt dir d'ANF kontaktéieren ënner: kbmw@anf.etat.lu

Déi detailléiert Bezeechnungen vun den eligibelen Biotopen fannt dir an de jeeweilegen Reglementer op legilux.lu

Méi Informatiounen op emwelt.lu

SIAS

Administration de la nature et des forêts
Grand-Duché de Luxembourg

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

Klimabonus

# Mouer a Wiss

**Prime fir Ökosystemleeschtungen vu Fiichtgebidder an aarteräiche Wisen**



© Simone Schneider

Administration de la nature et des forêts
Grand-Duché de Luxembourg

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité